30.06.2024 - Luxembourg

Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent

Newsletter 6

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Elo ass de Roverway net méi wäit fort an duerfir kritt dir hei déi läscht Informatiounen iert et lass geet! An dëser Newsletter fannt dir nach emol den Depart vun de Fligeren op Oslo, Packlëscht, Safe from Harm, a wou a wéini dir kënnt är Gadgete siche kommen.

1. Départ op de Roverway:

GANZ WICHTEG! Mir hunn 2 verschidden Departen, eng Kéier fir Leit déi mat op Norees ginn an eng Kéier fir Leit déi net mat op d'Norees ginn. Et ass immens wichteg dass dir op de richtegen Depart gitt.

Mat Norees

Opgepasst! Auerzäit vum Luxair Fluch huet geännert. De Fliger geet den 21. Juli um 10.10 Auer vum Findel fort a kënnt um 12.40 Auer zu Oslo un.

Treffpunkt um Findel: **21. Juli um 7 Auer Moies** um sous-sol bei den Arrivéen.

Ouni Norees

Dir flitt vun Düsseldorf aus op Oslo. Dir flitt mat Eurowings den 21 Juli um 15:00 Auer a kommt um 18.55 Auer un.

Treffpunkt: **21. Juli um 7.30 Auer Moies um P&R Buillon.**

WICHTEG! Wann dir mam Auto kommt fir Leit ofzelueden, musst dir **am Parkhaus parken an duerft NET op de Busarrêt fueren**. Soss kommen déi normal Linnebusser net laanscht an et gëtt Chaos!

Um Départ ginn nach emol folgend Dokumenter kontrolléiert:

- Pass oder Carte d'identité
- Autorisation parentale (den original !) < 18
- Fiche Médicale

➔ Hutt dës Dokumenter w.e.g prett esou dass et net ze vill Zäit kascht alles um Depart ze kontrolléieren. Och Dokumenter am Handgepäck an net an dat grousst Gepäck maachen.

2. Retour vum Roverway:

Ouni Norees

D'Leit ouni Norees fléien den 2 August um 20 Auer zu Oslo fort a landen um 22 Auer zu Düsseldorf. Mir rechnen domadder, dass dir den **3. August géint 2 Auer moies/an der Nuecht** nees um P&R Bouillon ukommt.

➡ Falls sech un der Auerzäit vum Retour eppes sollt änneren, halen mir iech natierlech um lafenden.

WICHTEG! Och hei nach emol, wann dir d'Leit mam Auto sichen kommt, musst di am **Parkhaus parken an duerft NET op de Busarrêt fueren.**

Mat Norees:

D'Leit mat Norees kommen vum Interrail mam Zuch zréck. Hei ass geplangt den **8 August géint 19.30 zu Lëtzebuerg op der Gare Centrale** unzekommen.

3. Badger a Foulards

Vill vun iech hunn extra Badger a Foulards bestallt fir mat op de Camps ze huelen. Dir kritt awer och alleguerten 2 Badger an 3 Foulards d'office . Fir dat dëst ouni Problem ka geschéien, biede mir iech dës am Virfeld bei d'FNEL um Cents sichen ze kommen. Mir sinn zu folgenden Datumer an Auerzäiten do:

- 19 Juli 17-19 Auer
- 20 Juli 17-19 Auer

Adress: 61a Rue de Trèves, 2630 Cents Luxembourg

Falls dir kee vun dësen Datumer kënnt kommt, da frot aner Participants/IST op si kënne är Badger a Foulard mathuelen. Wann et guer keng aner Méiglechkeet gëtt, kritt dir se allerspéitstens um Depart.

4. Materiallëscht

Eng detailléiert Materiallëscht fannt dir hei: Material. Mir hunn am Fliger 23kg Gepäck wat kann agecheckt ginn. Denkt och drun Täschemesser a soss geféierlech Geigestänn an dat grousst Gepäck ze maachen. Alles wat een Akku oder eng Batterie huet muss an Handgepäck! Och ass et gutt eng Copie vun den wichtegen Dokumenter am grousse Rucksack nach dobäi ze hunn, falls eppes mam Original sollt geschéien. Am beschten ass et och wann dir ären groussen Rucksack fir de

Flug an ee Flight Bag maacht. Esou gi Schnallen vum Rucksack net futti an en ass allgemeng méi geschützt. Esou ee Flight Bag kritt dir an allen Outdoor Geschäfter wéi zum Beispill AS Adventure. Weider detailer zum Bagage an Gepäck betreffend Fluggeselschafte sinn och op eisem site ze fannen op: https://rw2024.sil.lu/newsletters-documents/

Hei wichteg: Wann dir een dynamic Path hutt musst dir äre Rucksack den ganzen Dag droen kënnen! Hei also net de Maximum vun 23kg apake well dir wäert äre Rucksack soss net droen kënnen. Dir kënnt zum Beispill och Material op Participanten aus äerer Patrull opdeelen. Kuckt och nach emol mat ärem Path Leader op dir speziellt Material braucht.

5. Safe from Harm

Jiddereen den um Roverway deelhëllt muss de Safe from Harm maachen. De Safe From Harm ass eng Aart Online Cours de vu WOSM an d'Liewe geruff gouf, wou nach emol driwwer opgeklärt gëtt wéi een sech op eng responsabel Art a Wéis um Camp ze verhalen huet, u wéieng Leit ee sech kann wenden wann Problemer sinn, a wéi d'Secherheet um Camp an allen Aspekter kann agehalen ginn. Souwuel IST wéi och Participants, an och mannerjäreg Participants mussen den Online Safe from harm Cours maachen. Passt op et sinn 2 verschiddener, ee fir Participants an ee fir IST, CMT, an HoC. **GANZ WICHTEG**! De Safe From Harm Zertifikat den dir um enn vum Online Training kritt musst dir op ärem Path weise wann dir ukommt. Ouni den duerft dir **NET** um Path deelhuelen. Dësen Online Training ass ëmmer een aneren, dat heescht och wann dir schon emol ee Safe From Harm gemaach hutt (z.B. läscht Joer um Jamboree) musst dir awer dëst Joer een neien maachen. Mir vertrauen hei op är Responsabilitéit dat dir dëst virum Roverway maacht.

Den Cours fannt dir ënnert folgendem Link:

Link to the Safeguarding Course for **participants**:

https://lms.scout.org/users/enroll_to_learning_path?user_group_id=169273

Password: RW2024participant

Link to the Safeguarding Course for **ISTs, CMTs and HoCs:**

https://lms.scout.org/users/enroll_to_learning_path?user_group_id=164608

Password: RW2024IST

Here you can find the user guide for registering and completing the course:

https://drive.google.com/file/d/1L3LzNVJJXh7GeLLc9Al9wp6_6mn9padA/view?usp=share_link

6. Kontakter um Roverway selwer

Um Roverway selwer sinn d'Paule an den Steven vum CMT présent. Kontaktéiert sie awer w.e.g just am **absoluten Noutfall** per Telefon. Anescht gesitt dir ëmmer Updates vun de Participants op eise Sozialen Medien.

Steven: +352621616646 Paule: +352621514541

7. Aner intressant Ressourcen

News vun der camplaz:

- Campsite map: https://roverway.no/main-camp/roverway-site-map/

- Camp rules: https://roverway.no/main-camp/roverway-rules-and-safeguarding/

Media News:

- Official Roverway 2024 song: https://roverway.no/north-of-the-ordinary-roverway-2024/

- Roverway 2024 podcast: https://open.spotify.com/show/39ONXPQuXFNuNbSpCU0g3P

- Roverway 2024 newspaper: https://roverway.no/news/roverposten/

7. Kommunikatioun

Falls dir Froen hutt kontaktéiert w.e.g als alleréischt den CMT vum Contigent op cmt@rw2024.sil.lu

Kontaktéiert **NET** Norweger selwer. Sie kréien all Dag tonnen Mailen, an demno wéi mussen si eis dann souwisou nach emol schreiwen. Duerfir ass et am beschten dir schreift eis, an wann mir keng äntwert wëssen schreiwen mir den Norweger. Rufft och w.e.g net am Sekretariat vun den LGS oder FNEL un, hei gëllt dat selwecht si mussen um Enn och meechtens bei eis nofroen, well si net Member vum CMT sin.

Weider Informatioune vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: Internetsite

info@rw2024.sil.lu | Facebook | Instagram

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Jennifer, Bruno, Paule, a Steven